N°954
Entrée le 01.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.07.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Justiz weiderzeleeden.**

A menge parlamentaresche Froen n°614, 1266 , 1484 an 2300 hat ech déi zoustänneg Ministeren iwwert net bezuelten Avertissements taxés (AT) befrot a krut heizou detailléiert Tabelle mat Zuele presentéiert, déi weisen, dass net ëmmer all Protokoller bezuelt ginn.

Esou gouf gewisen, datt an de Joren 2013 bis 2019 Protokoller am Wäert vu ronn 20 Milliounen Euro net direkt bezuelt goufen, ma iwwert den Instanzewee vun der Justiz missten agedriwwe ginn, wouduerch net kloer ass, wéi vill Sue letztendlech onbezuelt bleiwen. Eleng fir d'Joer 2019 si 5 Milliounen Euro un Avertissements taxés net direkt bezuelt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Fir d'Joren 2019 bis 2023, opgeléscht no Unzuel a Montanten
   - wéi vill Avertissements taxés goufen opgestallt?
   - wéi vill sinn der bezuelt ginn?
   - wéi vill sinn net bezuelt ginn?
   - wéi vill Avertissements taxés si fräiwëlleg bezuelt ginn, nodeems de Parquet saiséiert gouf?
   - wéi vill Ordonnances pénales goufen op Basis vun net bezuelten ATen geschwat?
   - wéi vill Ordonnances pénales goufe bezuelt?
   - wéi vill Ordonnances pénales si duerch Contrainte par corps geläscht ginn?
   - wéi vill Ordonnances pénales goufen ni bezuelt a si geläscht ginn?

2. An der Fro n°2781 krute mer Zuelen iwwert d'Notzung vun der Radkrall (Pince), déi genotzt gëtt, fir Gefierer z'immobiliséieren. Den Effekt vun esou enger Krall ass net z'ënnerschätzen, well de Proprietär vun engem Gefier net nëmmen eng Geldstrof ze bezuele kritt, mee och Zäit dofir opwänne muss, säi Gefier erëm entspaart ze kréien.

   Wéi vill Mol hu Policebeamten an deene leschten 3 Joer (opgeléscht no Joer) ee Gefier mat enger Pince immobiliséiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten